

adr-

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

ADR Pressekonferenz

„Lëtzebuerger Schoul: Back on Track!“

Lëtzebuerger Schoul:

Back on Track!

Zeréck an d'Spuer!

Donneschdeg, de 24. Juni 2021
Fraktiounsbüro
25, Ënneschtgaas,
L-2240 Lëtzebuerg

Lëtzebuenger Schoul: Back on Track!

Zeréck an d'Spuer! A wéi?

1) D'Schoul erëm zeréckbréngen op dat Wesentlecht, op hir Haaptaufgaben:

- erëm konzentréieren op d'Haaptaufgabe vun der Schoul, nämlech d'Bildung an d'Ausbildung: Liesen, Schreiwen, Rechnen, Culture générale, Sciencen;
- Unzuel vu Projeten an ausserschouleschen Intervenante kritesch beurteilen a reduzéieren;
- ideologeschen Unterrecht net institutionaliséieren;
- wichteg an net ze vergiesse sinn Diktater, Auswännegléieren, Dissertatiounen, classesch Literatur...

2) De schouleschen Niveau féerden an d'Schüler zur Exzellenz fuerderen:

- den „Nivellement vers le bas“ stoppen - Besonnesch op den niddrege Klassen am Technique (lycée général), allgemeng d'Leeschtung erëm an de Vierdergrond stellen an och Grondwëssen, Leeschtungsbereitschaft, Fläiss an Disziplin;
- grad déi méi schwach Schüler musse gefuerdert ginn;
- Opweeche vun de Promotiounskrittäre stoppen;
- international Schoulen, an deenen den Niveau méi niddreg ass, iwwerdenken;
- d'Schoul ass do, fir eng seriö Bildung ze garantéieren, d'Schoul ass eescht ze huelen, de Schüler mécht hei wichteg Erfarungen, erlieft Glécksmomenter awer och Enttäuschungen a Stress; d'Schoul soll d'Schüler positiv ophuelen, duerf awer net just zu engem Bien-être vun de Schüler, zu Spill a Spaass reduzéiert ginn;
- d'„Bildschirmiséierung“ soll kritesch hannerfrot ginn.

3) De Schoulsystem, d'Zensuren an d'Orientéierung erëm einfach, kloer a verständlech gestalten:

- d'aktuell Situatioun: säiteweis Bilanen, déi kee méi versteet, eng Orientéierung, déi kee méi versteet, eng Zerspléckung vum Schoulsystem, wou kee méi duerchbléckt;
- dofir erëm zeréck zu engem méi eenheetleche Schoulsystem, zeréck zu Zensuren, déi iwwersiichtlech sinn an einfach ze verstoen, zeréck zu engem kloeren a liicht verständleche Punktesystem op 60 Punkten, zeréck zu engem objektiven Opnamexame fir an de Lycée, zeréck zu enger Orientéierung mat kloerem Krittären, déi Elteren a Schüler verstinn;
- d'Autonomie vun der Schoule begrenzen, si féiert zu Ongläichheeten, Trennung, Favoritismus a Konkurrenzkampf.

4) D'Roll an d'Autonomie vum Léierpersonal stäerken:

- d'Léierpersonal weess am beschte Bescheed, ass am beschten ausgebild, ass motivéiert an engagéiert, an hinne muss vertraut ginn;
- si hu vill Autoritéit verluer a krute vill Autonomie geholl, z.B. bei der Evaluatioun, am Conseil de Classe, am Conseil de Discipline, duerch d'Épreuves standardisées, duerch iwwergeuerdent Projeten ...;
- d'Programmer mussen vum Léierpersonal, dat um Terrain ass, ausgeschafft ginn, an net vun uewen erof diktéiert ginn;
- nëmme wann d'Léierpersonal sech ënnerstëtzt fillt a seng Aarbecht gär mécht, kann den Unterrecht och déi néideg Qualitéit hunn;
- d'Bürokratie an déi sougenannten „Reunitis“ solle reduzéiert ginn, datt d'Enseignanten nees Zäit kréien, fir Schoul ze halen, amplaz an onnëtzer Bürokratie ze erstécken;
- de Beruff muss erëm méi attraktiv ginn, fir méi fäerdege forméiert Léierpersonal an d'Schoul ze kréien, a manner Chargéen a Quereinsteiger mussen ze engagéieren;
- d'Léierpersonal a staatleche Schoule muss déi dräi Amtssproochen op engem héijen Niveau beherrschen.

5) D'Schoul als wichtigsten Acteur fir Integratioun a sozial Kohäsioun an de Garant fir d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Méisproochegkeet:

- Integratioun muss Prioritéit hunn;
- déi méisproocheg Erzéiung an de Crèchen ass en Echec an ass an der Realitéit eesproocheg franséisch;
- zeréck zu engem gemeinsame Schoulsystem fir all Schüler, am Sënn vun der Integratioun an der Chancëgläichheet, well international Schoule bedeite Segregatioun an Ongerechtegkeet;
- an den internationale Schoule gëtt de Lëtzebuerger Schoulmodell, baséierend op dräi Sproochen, net méi respektéiert;
- och d'Lëtzebuerger Kultur a Geschicht net vergiessen, d'Schüler hunn e Recht drop, ze wëssen, a wat fir engem Land an a wat fir enger Natioun si liewen;
- fir eng Schoul, déi vereent, déi zesummebréngt an ewech vum Slogan „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“, deen Individualiséierung an Desolidariséierung bedeit.